

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 18. Februar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

„Zanter dass et de SAMU gëtt, fiert ëmmer en Anästhesist an en Infirmier en anesthésie-réanimation mat. Eis ass elo zu Ouere komm, dass de CGDIS d'Dier opmécht, fir dass och Generalisten oder Urgentiste kënne SAMU fueren, amplaz vun Anästhesisten. Am Ausland goufen och ewell esou Mesüre geholl, well et do net genuch Anästhesiste ginn. Dat ass awer hei zu Lëtzebuerg net de Fall.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister an der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froe stellen:

- *Sinn den Här an d'Madamm Minister der Meenung, dass d'Qualitéit vun de Soinen déi selwecht ass, egal ob en Anästhesist oder en aneren Dokter um SAMU fiert?*
- *Aus wéi enge Grënn ware bis haut ëmmer nëmmen Anästhesisten um SAMU?*
- *Goufen d'Médecins spécialistes en anesthésie-réanimation consultéiert éier dass de CGDIS déi Decisioun geholl huet ? A wa jo, wat war hier Meenung ?*
- *Sinn d'Ministeren net der Meenung, dass d'Anästhesisten besser ausgebilt si fir z.B. Kanner ze behandelen, respektiv fir eng Persoun ze intubéieren?*
- *Wa keng Anästhesiste méi um SAMU fueren, wéi ass et da mat den Infirmiers en anesthésie-réanimation, déi am Prinzip just am Binôme mam Anästhesist kënne schaffen?*
- *Gedenken d'Ministeren de CGDIS ze bieden, nach eemol iwver dës Decisioun nozedenken?“*

Mat déiwem Respekt,



Corinne CAHEN
Deputéiert



Carole HARTMANN
Deputéiert